

Merci-essen vum Fielser „Cercle pédestre“



Fiels. Wéi all Joer huet de Wanderveräin „Cercle pédestre“ aus der Fiels seng Memberen an Helfer op ee Mëttegiessen invitéiert. De President Marc Nicolay huet a senger Usproch ee Réckbléck op een erfollegräicht Joer gemaach. Zwou Wanderungen hat de Veräin organiséiert, déi ouni d'Hëllef vun de Memberen an de fräiwëllegen Helfer net dee groussen Erfolleg kannt hätt. Am Numm vum Comité huet hie Merci gesot fir dat grousst Engagement, dat gelescht ginn ass. Ofschléissend huet de President jiddereen invitéiert, am Dezember un enger Nuetswanderung zu Metz deelzehuelen an drop higewisen, dass 2018 erëm zwou Wanderungen organiséiert ginn, wou all Hëllef gebraucht gëtt.

Guy Schiltz via mywort.lu